



Gutt al Schoulzäit

Emil Jannings in der Rolle des Professors Imanuel Rath (Der Blaue Engel, Josef von Sternberg, 1930), nach dem Roman „Professor Unrat“ von Heinrich Mann

Mer souzen niewenteneen, de Luss an ech.

Am fënnefte Schouljoer.

An der éischter Bänk. Net fräiwëlleg. De Schoulmeeschter hat eis dohi placéiert, well mer him allebéid ze wibbeleg waren. Sou hat hien eis am A. An no bei Hand, wéi e selwer sot.

Wann et ëm d'Hand gong, da war et ëmmer déi, déi mat Schwong op de Bak geflu koum. De Luss huet déi meescht agestach. Firwat grad hien, woussst kee sou richtig.

Hien, an och de geckege Scheiwen, dee vun Zäit zu Zäit eppes u sech krut an duerch d'Klass gejaut huet.

Ech ginn eng Kéier Boxer, sot de Luss, da wannen ech all meng Mätscher, eleng scho well ech sou vill astieche ka wéi keen aneren.

Et war net nëmme d'Hand, et war och de Knëppel.

Dem Schoulmeeschter Knepper säin déckt Holz war am ganze Gebai bekannt. De Lineal gong him net duer. Et huet scho missen eng Nummer méi zolidd sinn.

Och d'Schwëster Nathalie hat sou en Holz.

An de Kaploun Brenner.

Brennholz, sot de Luss.

Awer keen huet et sou dacks ze spiere gi wéi de Knepper.

De Kläpper, sot de Luss.

De Schoulmeeschter hat beim Poute ginn dem geckege Scheiwen eng Kéier eng Oder am Aarm a Fatze geschloen. Vun do u goufen et keng méi op d'Hänn, mee nëmme nach hannenop. Dann huet een sech misse virun d' Pult knéien, no vir bécken an d'Box stramm zéien.

Et ass eis alleguer opgefall, mat wat fir engem Genoss de Schoulmeeschter un déi Saach erugong, wéi hie virun der Klass de Bengel geheemelt huet an de Jong, deen do gebéckt war, minuttelaang ziddere lous, ir hien zum éischte Schlag ugesat huet.

Hien huet jidderee vun eis ëmmer an der drëtter Persoun ugeriet, sot net 'du' zu engem, mee 'hien'.

Hie kënt lo un d'Tafel!

Hie béckt sech lo!

Dat war säin Ausdrock, fir wann et Streech goufen, 'sech bécken'.

Schäinhelleg huet hien engem eng Alternativ gelooss, déi keng war: Schreift hien of oder béckt hie sech?

Wann een da gesot huet 'ech schreiw en of', gouf et sou en décke Pak Säiten ze kopéieren, datt et einfach onméiglech war, dat alles duerchzékriegen, 30 oder 40 Säiten aus dem däitsche Liesbuch. An da sot een alt: Ech bécke mech.

Wann een aus Angscht virun de Schléi dann awer sot, et géif ee léiwer ofschreiw, da sot de Knepper mat glëschtregem Grinsen: Nee, hie béckt sech!

Wéi ech der eng Kéier kritt hat, konnt ech vu Péng iwverhaapt net méi sätzen, och no der Schoul doheem nach net.

Ech hu mech bei mengen Eltere beklot, awer mäi Papp sot just: Schued fir déi, derlaanscht ginn.

Dat war beim Luss net anescht, éischter nach méi schlëmm. Wann hien der an der Schoul kritt hat, krut hien der doheem nach derbäi.

Ech hunn Angscht, heem ze goen, sot hien an huet dobäi ganz kromm gelaacht. Wéi wann hie mat där Grimass hätt wëllen d'Angscht verdreiwen. Et war wuel och kee richtig Laachen, méi en zidderegt Käichen. An sou engem Ablack huet hien e bèsse gewierkt wéi de geckege Scheiwen, wann dee seng Krise krut.

Deem stinn d'Streech am Gesiicht, sot de Gast, de Beschten aus der Klass, mat deem mer eis wéineg opgehal hunn. Nëmme um Wee an d'Musekschoul hunn ech mol méi mat him geschwat. Hien hat sécher Recht: De Luss huet méi a méi den Androck gemaach vun engem Gestéierten, huet mat den Ae gezuckt an etlech Mol, wann e ganz opgereggt war, souguer ugefaang ze tuddelen. Dat gouf och net besser am sechste Schouljoer, wéi mer – wat éischter ongewéinlech war – bei en anere Schoulmeeschter koumen, dee bekannt dofir war, d'Jongen, déi an de Lycée wollten, wéi Rekruten ze drillen. Dem Knepper

seng kréichen zwar méi Streech, hätten do awer keng Chance, gouf gesot.

Och beim Blaschette – sou huet den neie Schoulmeeschter geheescht – war de Luss net gutt ugesinn.

Dat wier, sou de Gast, well dem Luss seng Elteren eng Wiertschaft hätten. An et wier jo bekannt, datt dem Blaschette seng Fra géif drénken. Wéisst hie vu sengem Papp, an dee wier Dokter, also...

Am Lycée gouf et kee Knëppel méi, dofir awer gläich dräi Kläpper, am Engleschen, am Franséischen an an der Mathe.

De Konz, dee seng Explikatiounen iwwer Equatiounen ëmmer mat e puer rassistesche Witzer opgelackert huet, iwwer déi mer da gezwonge waren ze laachen, hat et op de Lemmer ofgesinn, net nëmmen, well deen d'Joer fir zweet gemaach huet, mee virun allem, well et deen eenzegen an der Klass war, dee laang Hoer hat.

Et schéint, wéi wa lo schonn déi Wëll bei der Mathematik ukomm wieren, sot hie genësserlech, da weis eis mol wat s du kanns!

Dann huet hien de Lemmer un der Tafel un engem Problem knae gelooss, dee fir kee vun eis ze léise war, him no zwou Minutten eng Null ageschriwwen a gesot: A séier zeréck an de Bësch! Eng Kéier och: Bei mär kriss du sou laang Nullen, bis du beim Coiffeur passéiert bass!

Zum Luss, dee vun Opreegung un der Tafel getuddelt huet, sot hien: Wann s du rechens wéi s du schwätzt, da këns du am beschten net méi a mäi Cours!

De Luss war awer zimlech gutt an der Mathe, sou datt de Konz hie mat Rou gelooss huet. Anescht den Nilles am Engleschen. Deen hat sech e gläich als Stoussnéckel erausgesicht an huet sech eng Freed draus gemaach, hie virun der Klass als Fäertaasch blousszestellen.

Dem Luss huet d'Blat sou an der Hand geziddert, datt hien näischt méi ofliese konnt.

Den Nilles ass vum Pult opgestan, huet sech hannert hie gestalt a gefrot: You see that fault?

De Luss huet op d'Blat gestierkt, de Bléck iergendwou an den Zeilen, a mat gebrauchener Stëmm gesot: Yes, Sir!

Look at me! sot den Nilles an huet e Schratt no vir gemaach.

You see that fault? huet den Nilles nach eng Kéier gefrot.

An de Luss, deen iwwerhaupt net wouss, wat den Nilles géif mengen, sot nach emol: Yes, Sir!

A patsch koum dem Nilles seng déck Moul geflunn, eng breet fleescheg Hand voll op de Bak.

De Luss ass zesummegefuer an huet e kleng Kreesch vu sech ginn. Den Nilles ass eng Kéier mam Fanger iwwer d'Blat gewëscht a frot fir d'drëtt: You see that fault?



Luc Feit als Schulleister in der Verfilmung von Jhemp Horscheits Roman „Perl oder Pica“ (Regie: Pol Cruchten, 2006)

De Luss war den Tréinen no an huet net héieren, wéi ech him vun der Bänk aus geflüstert hunn 'mistake'. Den Nilles hat eis nämlech den Dag virdrun den Ènnerscheid tëscht 'fault' a 'mistake' erkläert an huet lo vum Luss erwaart, datt dee géif soen: It is not a fault, Sir, it is a mistake! Awer de Luss war sou a Panik, datt dat him guer net konnt afalen. A fir d'véiert huet den Nilles gefrot: You see that fault?

Yes, Sir, sot de Luss nach eng Kéier a krut déi zweet op d'Schnëss. Du huet e richtig ugefaang ze kräischen, a méi a méi gouf an der Klass 'mistake' geflüstert. Awer et war ze spéit. De Luss hat keng Stëmm méi, stoung do, no Loft ze schnapen, gekrëmt an daierlech, an huet säi wéie Bak befillt, op deem dem Nilles seng Fangeren ofgezeecht waren.

Nach déi Stonn drop, am Franséischen, souz hie mat der Hand um Bak an der Bänk.

Avez-vous mal aux dents, Monsieur K.? frot de Brenner.

De Brenner war Famill mam Kaploun Brenner a krut déi selwecht choleresch Ufäll wéi deen. Wéi de Luss d'Hand net wollt vum Bak huelen, huet hien en dozou gezwongen, huet en ugebierelt am Kasärenhaffstoun an du, wéi de Luss d'Hand endlech op der Bänk hat, him eng erofge-mooss. Du ass de Luss deserteiert, einfach opgestan an erausgelaft.

Vun do un hat de Brenner et sou richtig op hie setzen an huet him bei all Geleeënheet ze verstoe ginn, datt en net géif an déi Schoul gehéieren. Dobäi huet hien net manner gutt geléiert wéi ech. Awer de Brenner huet ëmmer e Virwand fonnt, him eng Datz ze ginn, huet him Punkten ofgezu wéinst der Schrëft. Oder well de Rand net déi richtig Breet hat. Wéinst där Onge-rechtegkeet wollt mer eng Kéier bei den

Direkter goen, kruten awer nëmmen de Sous-Direkter ze gesinn, deen allgemeng als Kapo bekannt war an eis, ouni eis noze-läuschteren, direkt rëm an d'Klass geschéckt huet.

Um Enn vum Joer hat de Luss en No-examen am Franséischen.

Wann s du duerchfäls, ass et eriwwer, sot säi Papp, deen d'Joeren am Lycée wuel souwisou fir verlueren Zäit gehal huet, et gétt kee Joer zweemol gemaach!

De ganze Summer souz de Luss do Franséisch ze knuppen, krut souguer Nohëllef, a war ouni Zweiwel vill besser wéi ech.

Awer am Hierscht huet de Brenner en duerchfale gelooss.

Näischt ze maachen, de Luss misst schaffe goen.

Wann ech de Brenner eng Kéier nuets begéinen, sot hien, an et ass keen dorëmmer, da schloen ech en einfach vreckt, gleef mer es, ech schloen e vreckt!

Duerch e Bekannte vu sengem Papp, deen och e gudder Client an der Wiertschaft war, koum de Luss bei der Spuerkeess ënner, gouf e bëssen drop an den Norde versat, a mer hunn eis aus den Ae verluer.

Réischt e puer Joer méi spéit, ech war op der Uni, hunn ech vun him héieren. Näischt Gutts, leider. Hien hat e schwéiert Accident net iwwerlieft. War mat ongeheirer Vitess an e Bam gerannt. Matten am Dag, bei klorer Siicht. Onméiglech bal, sou ze veronglécken.

De Won wier vum Holz vum Bam komplett zerrappt ginn, sot de Gast, dee mat mär studiert huet a grad deen Dag vum Accident zu Lëtzebuerg gewiescht war.

Ganz schéi brutal!

Jo, sot ech, ganz schéi brutal!